RADIOORGANISATIOUN MIEDERNACH a.s.b.l.

« RADIO R.O.M. » vum Piratesender zum Lokalradio

Prepared by Tom Streicher and Serge Simon

I. Den Ufank vum Radio zu Lëtzebuerg

Broadcasting centre Junglinster
Photo Aloyse Anen / ©RTL Group

II. D'Piraten op Sendung

III. Dat neit Mediengesetz

IV. Den Lokalradio « Radio R.O.M. »

I. Den Ufank vum Radio zu Lëtzebuerg

- am Abrëll 1924 gin d'Gebridder Anen vum Radioamateur an Richtung vun engem Radiosprogramm, andeems si Plakken iwwert den Sender spillen.
- 1925 grënnen d'Gebridder Anen « l'association Radio Luxembourg » fir een Radiosender ze bedreiwen.
- den 27 Mee 1929 gëtt « d'Société Luxembourgeoise d'Études Radiophoniques » (**SLER**) offiziell gegrënnt.
- den 29 Juli 1929 gëtt « d'Compagnie Nationale de Radiodiffusion Luxembourgeoise » (**CNRL**) amtlech agedroen an kritt d'Frequenz 223 Meter duerch den Wellenplang vun Prag vum Januar vum selwechten Joer zougewisen. D'Entreprise fänkt dermat un een Sender um site vum « Kuelebierg » zu Zéisséng ze bauen. Déi éischt Émissiounen gin ënnert dem Numm « Radio Luxembourg » realiséiert. Den François Anen ass an béiden Entreprisen mat dran.
- am Januar 1930 gin d'Lëtzebuerger Autoritéiten den Uerder mam Programm vun « Radio Luxembourg » op ze halen.
- d'SLER kritt vun der Regierung eng exklusiv Lizenz fir een Radiosprogramm auszestrahlen. Dës Konzessioun gëllt fir 25 Joer an gëtt den 29 September 1930 ënnerschriwwen.
- 1931 gëtt mat der Konstruktioun vun der Sendeanlag zu Jonglënster ugefangen.



Sende- an Empfangsantenn op den Diecher an der Rue Beaumont / Photo Aloyse Anen

D' Haus op der Nummer 28 Rue Beaumont Photo Aloyse Anen

- 1933 gëtt een Orchester gegrënnt. Domat ass den spéider berühmten « Orchestre Symphonique de Radio Luxembourg » gebuer. Den 15 März iwwerdréit **« Radio Luxembourg »** säin éischten regulären Programm iwwert Laangwellen aus den **Studioën vun der Villa Louvigny**. Dofir gëtt den modernsten an stärksten Sender aus Europa benotzt: den Sender vun Jonglënster mat enger Leeschtung vun 150 kW.

- no dem zweeten Weltkrich geet « Radio Luxembourg » den 12 November 1945 erëm op Sendung. Dëst mat dem berühmten Saz: **« Bonjour le Monde, ici Radio Luxembourg. »**

- 1951 gëtt den neien Mëttelwellensender zu Jonglënster ageweiht. « Radio Luxembourg » transferéiert säin englëschen Programm op Mëttelwell 208. **'Two-o-eight'** gëtt esou zur Referenz fir déi jonk Briten.

Aweihung vum Mëttelwellensender zu Jonglënster a Präsenz vun der Grande Duchesse Charlotte an dem Prënz Félix.
RTL Group archives / ©RTL Group

- am Joer 1956 gëtt den 350 kW Sender vun Jonglënster op Marnëch versat fir een besseren Empfang an Groussbritannien an Skandinavien ze kréien.

- den 15 Juli 1957 start den bekannten däitschen Programm « Radio Luxemburg » iwwert Mëttelwell op der Frequenz 1439 kHz (spéider 1440 kHz) an op 6090 kHz iwwert Kurzwell am 49 Meterband. (Chefmoderateur ass den Lëtzebuerger Camillo Felgen)

- 1958 gëtt den éischten Programm an lëtzebuerger Sprooch op UKW iwwerdroën. Awer just moies, an der Mëttesstonn an am Ufank vum Owend. Den Vollprogramm gëtt den 19 Oktober op 92,5 MHz iwwert den Sender vun Jonglënster lancéiert.

- 1964 geet **« Radio Caroline »** den éischten briteschen Piratesender vun engem Schëff aus op Sendung. Dës « Offshore-Piraten », wou haaptsächlech Rock- an Popmusëk senden sinn deemools déi gréissten Konkurrenten vun « Radio Luxembourg ».
- 1966 gëtt **« Radio Luxembourg »** zu **« RTL »** ëmbenannt, enger Statioun mat éischter frankophonem Charakter.
- den UKW-Sender zu Housen geet 1970 an Betrieb an ersetzt dien vun Jonglënster.
- 1972 ass den Laangwellensender vun Beidler färdech. Den Sender vun Jonglënster gëtt just nach fir Reserv benotzt.



D'Laangwellenantennen vun Beidler - © Les Meloures at lb.wikipedia.org



Den Site vun Jonglënster géint 1960 - © Combier Impr. Mâcon

- RTL ass nach ëmmer a Besëtz vun engem Monopol fir d'Radiosprogrammen zu Lëtzebuerg. Dësen Monopol ass theoretesch nach bis 1995 gülteg … mol kukken …

Den Radiospektrum



Den Studio vum « Radio Grénge Fluessfénkelchen »
© Radio ARA

II. D'Piraten op Sendung

- am Juli 1981 hunn den Jup Weber, Guy van Hulle an den Gilles Wunsch d'Iddi fir alternativen Radio ouni Publizitéit ze machen.
- den 22 Juli 1981 gëtt déi éischt Emissioun vum « Radio Grénge Fluessfénkelchen » mobil vun enger Wiss aus dem belschen Grenzgebitt op der Frequenz 102,35 MHz ausgestrahlt.
- fir den Empfang an der Staat-Lëtzebuerg ze verbesseren ass no engem neien Standuert fir ze Senden gesicht gin. Den Paschtouer Gengler stellt doropshin den Kierchtuerm vun der Sankt-Donat Kierch zur Verfügung déi gutt plazéiert op der « Knippchen » ass. Fir all Emissioun huet missen den Sender an den Tuerm gedroen gin an d'Antenn um Dach vum Kierchtuerm festgemaach ginn. Vun elo un kommen d'Sendungen aus der Sankt-Donat Kierch mat dem Elektresch aus der Sakristei. Ënnert der Sakristei gëtt den kompletten Studio vum « Atelier Radio Arlon » installéiert, dëst mat finanzieller Ënnerstëtzung vum « ministère belge de la culture ». Den « Radio Grénge Fluessfénkelchen » sent vum 9 September 1981 un all Mëttwoch tëschent 20.15 an 22.30 op 102 MHz aus dësem Studio, dien si vun hiren belschen Kollegen fir dës Zäit zur Verfügung gestallt kréien.

← D'Sankt-Donat Kierch zu Arel op der « Knippchen »
© Edy Krier

D'Antenne op dem Dach vum Kierchtuerm →
© Edy Krier

- mee dës Sendungen aus der Belsch op Lëtzebuergesch hunn den Lëtzebuerger Autoritéiten sëcher net geschmaacht. D'Sendungen vum « Radio Grénge Fluessfénkelchen » goufen ferm gestéiert an et kënnt den Verdacht op, dat d'Post, wou deemools als eenzeg den Moyen haten fir dëst ze maachen, mat am Boot ass.

- déi Responsabel vum « Radio Grénge Fluessfénkelchen » goufen iwwerwaacht an et existéieren Beweiser dat deemools d'Telefonen ofgelauschtert goufen. Des weideren goufen déi 2 Responsabel vun enger Mannschaft vun 8-10 Gendaarmen « iwwerfall » wéi si mam Auto ënnerwee waren vun Stengefort op Eischen. Wéi an den amerikanischen Filmer goufen si vun engem Audi mat bloen Luuchten an Sireen un iwwerholl. Dësen huet sech dunn queesch an d'Strooss gestallt an dräi aner Ween hunn d'Strooss hannendrun blockéiert. Den Adjutant Geiben vun der « Sûreté » huet dunn hir Pabeieren gefrot an den Auto duerchsicht. Mee an där verdächteger grénger Keścht war just eng Motorsee... An der uschléissender Sendung hunn d'Journalisten vum « Fluessfénkelchen » dunn dem Lëtzebuerger Procureur d'État Merci gesot fir dëst « Raiber an Gendaarm Spill » mat zwee onschëllegen Leit.


© forum.lu

Den Radio Grénge Fluessfénkelchen seet sengen Belsche Kollegen Merci

- 1981 lancéiert den Guy Felten den « Radio Organique » deen als éischten Piratesender vun Lëtzebuerger Buedem, vun der Nummer 11 aus der rue Beck an der Staat sent.

- 1984 gëtt aus dem « Radio Grénge Fluessfénkelchen » den « Atelier Radio Ukaweechelchen ». D'Frequenz gët vun 102 op 107 MHz geännert. Grënnungsmemberen senn den Robert Garcia, Jup Weber, Raymond Bisdorff, d'Georgette Muller an 'Danièle Grosbusch.

- Lëtzebuerg kritt weider Frequenzen duerch d'Genfer Wellenkonventioun zougewisen. Mee d'Regierung ënnerhëlt näischt fir des Frequenzen fräi ze ginn oder auszeschreiwen.
- am September 1985 lancéiert den Edy Krier den « Radio 104 » vun Monnerech aus.
- den 17 März 1986 ginn déi Responsabel vum « Atelier Radio Ukaweechelchen » hiren « Asyl » zu Arel op an decidéieren hiren eegenen Radio am Grand-Duché ze grënnen. Den Numm vum Sender ass « RadAU », Synonym fir « **Rad**io **A**telier **U**kaweechelchen ». Déi éischt offiziell Emissioun gëtt den 7 Juli 1986 ausgestrahlt.

D'Grënneréquippe vum RadAU - © Radio ARA

- 1986 gëtt RFM (radio fréquence musique) gegrënnt. Den Studio op der Areler Stross gëtt am selwechten Joer op Uerder vum Parquet konfiskéiert. 1992 gëtt den Sendebetrieb agestallt.
- 1987 huet d'Regierung déck d'Flemm mat all denen Piratesender! Jiddwer illegal Statioun gëtt opgefuerdert mat den Sendungen op ze halen. Zu dësem Zäitpunkt goufen 21 Piratesender zu Lëtzebuerg gezielt!

- am Mee 1988 fänkt Radio Arantia / M103 un mat Senden. Den Studio befënnt sech am sous-sol, dem Keller vum « café des sports » zu Miedernach.

Den « bescheidenen » Studio vun M103

D'Équippe vum Radio M103
Herschbach Tom, Graf Erny, Hirtz Jean-Marie, Simon Serge, Molitor Guy, Colling Guy, Wilmes-Alt Pierrette, Liebl Arlette, Wohlfart Laurent

- am September 1989, op Uerder vum Parquet, gëtt all Material vum « Radio M103 » vun der Gendarmerie konfiskéiert. Iwwerraschenderweis ginn um Houwald bal Zäitgläich déi nei Studioen vun « RFM » an enger grousser offizieller Zeremonie ageweit. Wat eng Ironie…

III. Dat neit Mediengesetz

- den **27 Juli 1991** gëtt dat neit **Gesetz iwwert d'elektronesch Medien** an der Chamber guttgeheescht. Dëst Gesetz gesäit Emplacementer fir 40 Lokalradioen mat klenger Leeschtung (100 W), verdeelt op 5 Frequenzen vir. Des weideren gin 4 Regionalradioen mat jeweils éngem Haaptsender vun 1000 W an der Staat an je 3 Fëllsenderen mat klenger Leeschtung (100 W) uechter d'Land accordéiert.
- den 25 Februar lancéiert d'Medienkommissioun (Commission indépendante de la radiodiffusion - CIR) eng ëffentlech Ausschreiwung fir déi nei Radioprogrammer. (Lokalradio an Regionalradio)
- vun der Medienkommissioun gin am Juni 1992 am ganzen 31 Kandidaturen zréckbehalen.
- d'Kommissioun mëscht am August 1992 een zweeten Appel publique fir déi Frequenzen wou nach net verginn sënn.
- enn August 1992 ginn 11 Autorisatiounen fir d'Programmer vun den Lokalradioen accordéiert. Den « R.I.G. » **R**adio **I**nterculturelle de **G**ilsdorf (Portugiseschen Programm) an d' « **R**adio**O**rganisatioun **M**iedernach » hunn leider hir Demande fir déi selwecht Frequenz agereecht. Dofir mussen déi 2 Veräiner sech d'Sendezäit ënnerteneen opdeelen.
- am Januar 1993 fänkt den « Radio R.O.M. » mat séngen Emissiounen op 106,5 MHz un. All Dënschden an Donneschdeg gëtt d'Frequenz vun Miedernach aus bedéngt. Den « R.I.G. » wou seng Installatiounen zu Gilsdref an um Brouderbur huet, fëllt déi nach fräi Sendezäit mat séngem portugiseschen Programm vun hirem Sender aus op.

- 1996 reecht den « R.I.G. » eng Demande an fir op eng aner Frequenz ze wiesselen. Et muss also eng fräi Frquenz op Brouderbur koordinéiert ginn.
- am März dann wiesselt den portugiseschen Radio op 103,9 MHz an den « Radio R.O.M. » freet d'Autorisatioun un fir säin Programm op 24/7 ze erweideren.
- 1997 schaffen déi Responsabel an déi ganz Equippe vum « Radio R.O.M. » un engem Konzept fir een ofwiesslungsräichen Vollprogramm kënnen unzebidden.
- am Hierscht 1997, nodeems een d'Autorisatioun vun der Medienkommissioun krut, lancéiert « Radio R.O.M. » säin 24-Stonne Programm op 106,5 MHz.
- am Joer 2004 presentéiert « Radio R.O.M. » sech mat senger eegener Websäit am Internet. D'Websäit ass 2011 komplett iwwerschafft gin.
- 2007 gëtt déi nei Antenn am Duelebierg installéiert.
- 2009 presentéiert « Radio R.O.M. » sech op Facebook an 2013 fënnt een « Radio R.O.M. » och op Twitter an Linkedin.
- Am Juli 2016 fënnt den Wiessel op 101,5 MHz statt.

1992 - D'Grënnungsmemberen R.O.M.
Wilmes-Alt Pierrette, Herschbach Tom, Michels Claude, Goergen Paul, Serge Simon, Molitor Guy

THE MUSIC OF LUXEMBOURG
106,5 RADIO R.O.M.

Éischten Logo vum Radio R.O.M.

1995 - Virstellung vum neien Studio vun R.O.M. - © Joseph Heintz
Petry Romain, Stein Ken, Leruth Guy (Lupo), Faber Gerry,
Simon Serge, Wagner-Klein Patricia

IV. Den Lokalradio« Radio R.O.M. »

❑ Mir stellen ons vir

2013 - Memberen vun der aktueller Équippe
Unsen Marc, Simon Serge, Streicher Tom, Flammang Jemp, Kontz Roger, Faber Gerry, Unsen Joëlle, Unsen Sandy

R.O.M. ass d'Ofkirzung fir « **R**adio**O**rganisatioun **M**iedernach » enger Gesellschaft ouni Gewënnzwecker (a.s.b.l.). Onse Sender ass an engem Ëmkrees vun ongeféier 30 Kilometer ëm Miedernach op der Frequenz 101,5 MHz ze empfänken. Déi ausgestrahlt Leeschtung läit bei 100 Watt (EIRP), konform mat deem wat d'Mediengesetz fir d'Lokalradioen virgesäit.

D'Equippe vun « Radio R.O.M. » besteet aus zirka **15 Persounen**, dovun **Moderatoren**, **Redakteren** an fräiwëllegen Mataarbeschter. D'Redaktioun an den Programm sënn komplett automatiséiert an gin iwwert eng zentral Datebank greéiert an d'Titelen gin op onsen Serveren stockéiert. Dësen System gouf komplett vun onsem Techniker Serge Simon ausgeschafft.

D'Missioun vun « Radio R.O.M. » ass ët all Aspekter vun sozialer Kommunikatioun am direkten Ëmfeld ze favoriséieren. Den Radio ass een Service um Matbierger aus der Regioun an der Heemescht. Mee och ons Nolauschterer baussend onsem Sendegebitt kënnen ons iwwert Internet empfänken. Et ass onst Uleies fir déi **lokal an regional** Kultur ze förderen, all **Initiativen an Evenementer vun den Veräiner an onsen Partner ze ënnerstëtzen**. Mir wëllen ons Nolauschterer mat **lokalen, regionalen an internationalen Informatiounen** versuergen an schlussendlech een Programm mat villen Servicer an flotter Musek offréieren.

❑ Teschnesch Entwécklung / Den Studio

1995 huet den Sender « Radio R.O.M. » seng nei Raimlechkeeten am Keller vum Gemengenhaus vun Miedernach ageweit.

Fir d'Klangqualitéit vun den Emissiounen ze verbesseren huet den Veräin kontinuéierlech an am Kader vun sengen Méiglechkeeten an verschidden technesch Infrastrukturen investéiert.

Den Radio huet an Tëschenzäit een vun den modernsten an performantesten Systemer installéiert fir seng Sendungen auszespillen an ze iwwerdroen. D'Moderatoren hun während der Sendung Zougrëff op een **Repertoire vun ongeféier 70.000 Titelen** deen regelméisseg aktualiséiert gëtt.

Een groussen Deel vun den techneschen Schnëttstellen souwéi déi néideg Software rondrëm gouf vun onsem Techniker vum Radio entwéckelt. All des Programmer an Entwécklungen stinn op onser Websäit **gratis** fir aner Lokalradioen mee och fir kommerziell Statiounen zur Verfügung.

1994

1999

2000



2004

2007

❑ Teschnesch Entwécklung / Den Studio (suite)

2008

2009

2010

Den aktuellen Studio zanter 2011

D'Stellung vum Radio

Den Radio ass:

- een Moyen fir Animatioun, Informatioun an Kommunikatioun.
- eng Kommunikatiounsplattform fir d'Land an seng Acteuren.
- een Moyen fir déi lokal Entwécklung an sengem ländlechen Ëmfeld.
- een Outil fir Iddien, Entwécklungen an Projekter unzedreiwen.

Radio ass no bei den Leit, der Heemecht, mee och bei den Veräiner an Institutiounen. D'Musek ass een exzellenten Moyen fir een Message un seng national Nolauschterer an zeguer an gewësser Mooss un seng international Nolauschterer weider ze ginn.

Wien produzéiert d'Sendungen

Ët gouf een Basisprogramm definéiert wou eng grouss Vielfalt un Museksrichtungen an Reportagen erëm ze fannen ass.

D'Emissiounen an d'Publizitéit gin vun onsen Moderatoren an Memberen aus allen Altersschichten ausgeschafft.

Den innovativen Programm wou op ons Nolauschterer zougeschnidden ass, gëtt 24/24 Stonnen, 7 Deeg an der Woch ausgestrahlt.

De Programm

Ons Museksredaktioun schafft dauernd drun fir een **diversifizéierten Programm** mat villen Museksrichtungen ze realiséieren. Gespillt gin souwuel déi allerneitsten Titelen aus den Charts wéi och d'Ouerwierm aus den 70er, 80er an 90er, mee awer och méi spezifisch Richtungen wéi franséich Chansons. An net ze vergiessen ass een ganz wichtegen Genre, deen vun der Musek aus Lëtzebuerg.

Mat an onsen Progamm agebonnen gin **« Podcasts » aus verschidden Sparten**, wéi wëssenschaftlech Reportagen, Automobilnoriichten, Wirtschaftsnoriichten, Testberichter, Gesondheetsnews, Literatur, Kino an vill aner Sujets.

An der Woch owes ginn ons Emissiounen vun onsen Mataarbeschter moderéiert. D'Sendungen hun den Schwéierpunkt entweder op spezifischen Themen oder et sënn Invitéen am Studio.

Virun allem awer sicht « Radio R.O.M. » **interkulturell Relatiounen**. Sou goufen an den läschten Joren Kontakter mat aneren Radioen geknäppt wéi zum Beispill « SLANG Radio » aus Däitschland dien awer mëttlerweil leider säin Sendebetrieb agestallt huet. Dësen Radio stoung am Service vun den Behënnerten an huet sech als « Radio für ein barrierefreies Leben » presentéiert. D'Sendung « Infopoint » iwwert den Thema Behënnerung, Gesondheet, Sport an Ënnerhalung gouf op onsem Sender all Samsdes tëschend 16.00 an 18.00 widderholl.

Sacha Lang - Grënner vun SLANG Radio

Awer och Spots an Messagen vun allgemengem Intressi fannen eng Plaz an onsem Programm, wéi zum Beispill d'Messagen vun der **« Sécurité Routière »** oder der **Police Grand-Ducale**. Dës Spots ginn virun dem Werbeblock gesendt, kurz virun der voller Stonn. Op onser Websäit www.rom.lu fënnt een och den Link zum Agenda vum **« Mierscher Kulturhaus »** mat deem mir regelméisseg Kontakt hunn.

De Programm (suite)

	Méindes	Denschdes	Mëttwochs	Donneschdes	Freides	Samsdes	Sonndes
6h00 - 10h00	**Raus aus den Fiederen mat R.O.M.** mat flotter Musek an interessanten Podcasts zu den Themen : Literatur, Aktuelles, Autoberichte, Computer, Warentest, Sport, Forschung, Medizin, Politik, Gesellschaft an Wirtschaft					**Optakt** Reggae, Rock an Relaxes fir moies unzekommen Podcast : Sport, Aktuelles, Forschung, Medizin, ...	
10h00 - 13h00	**Méindes bis Freides:** **News all voll Stonn** **Headlines 6 - 8 / 12 - 13 / 18 - 20 zur halwer Stonn** **Den Weekend iwwer "Week in Review"-News all voll Stonn** **Follow me** Den richtigen Suivi aus den Beräicher : Top 100, Rock, Pop, German Rock & Pop, Franséischen Rock, Britpop, 70s-80s-90s Podcasts zu den Themen : Comedy, Satire, Spontanes, Gespréicher, Kino, Physik, Literatur, Aktuelles, Autoberichte, Computer, Warentest, Sport, Forschung, Medizin, Politik, Gesellschaft an Wirtschaft.					**Apero R.O.M.** mir mixen lech dat Richtecht Podcast : Literatur, Warentest, Gespréicher,Physik, Politik an Gesellschaft, Sport, Forschung, Medizin,...	
13h00						**Iwwert Bierg an Dall** Volleksmusek	**Schlagerparad** Vun Deemols bis Haut
14h00 - 16h00						**Top100** Aktuelles aus den Charts	Podcast : Warentest **Oldies but Goldies** Vun den 70er un ofwärts
16h00 - 18h00						**Panaché R.O.M.** Queesch derduerch	**Wired on Country** Den Ticket op Nashville
18h00	Podcast : Gesundheit **Panaché R.O.M.** Queesch derduerch Podcast : Autonews	Podcast : Autotest **Panaché R.O.M.** Queesch derduerch Podcast : Gesundheit	Podcast : Welt der Physik **Panaché R.O.M.** Queesch derduerch Podcast : Autonews	Podcast : Gesundheit **Panaché R.O.M.** Queesch derduerch	Podcast : Autonews **Panaché R.O.M.** Queesch derduerch All 1. Freidech am Mount vun 19-21 Auer **Kräiz an Quier** Mam Sandy an Joelle	**Those Were The Days** Hits aus den 70er bis 90er Podcast : Welt der Physik	Podcast : Gesundheit **Dinnertime mat R.O.M.** Easylistening aus den Rubriken Chillout Lounge an Acid
19h00			**Music Maniac** Mam Jemp				
20h00	**Picadilly Circus** Pop aus UK	**Top100** Aktuelles aus den Charts		**Irgärtchen** Mam Gerry an Serge	**Those Were The Days** Hits aus den 70er bis 90er	**Dinnertime mat R.O.M.** Easylistening aus den Rubriken Chillout Lounge an Acid	
21h00	**Made in Luxembourg**		**Rock&Roll Inferno**				**R.O.M.eo and Juliet** Slowtime op R.O.M.
22h00	**Icognito** Acidjazz op R.O.M.	**Club Lounge** Relax an den Owend	**Ënnert aller Klarinett** Jazztime	**Tempo** Mam Tom	**Bloen Eck Revival** D'Musek vun Deemols Podcast : Studio 3	**Sunset Glow** Chillout virum Schloofengoen	
23h00	**French Connection** Rock an Pop aus dem Hexagone	**Chansons** D'Stonn vum franséichen Chanson	**Effects** Synthetisches op R.O.M.	**Queerbeet** Rock an Pop aus D			
00h00 - 06h00	**Nightshift R.O.M.** Dat bäscht aus Chillout, Jazz, Soul, Slows, 70s-80s-90s, Rock, Pop an B-Sides fir d'Nuetseilen						

❑ Wien lauschtert d'Sendungen

Déi viséiert Zilgrupp vum « Radio R.O.M. » sënn virun allem **d'Bierger aus der « Aerenzdallgemeng » an den Nopeschgemengen, d'Fans vum Radio, d'Internetbenotzer an all d'Leit wou sech fir Musek begeeschteren**. Den Dagesprogramm offréiert een breeden Museksmix mat aktuellen Titelen aus den Charts an interessanten Podcasts. Owes stinn virun allem thematesch Sendungen um Programm. Den Nuetsprogramm ass haaptsächlech een Museksprogramm.

D'Sendungen Dagsiwwer sënn fir den normalen Nolauschterer geduecht. Déi an den Owesstonnen éischter fir den Nolauschterer wou aktiv um Programm deel hëlt fir zum Beispill iwwert Telefon un engem Spill deel ze huelen oder sech per Email een Titel ze wënschen.

Op onser Websäit (www.rom.lu) fënnt een weider Informatiounen iwwert onsen Radio an seng Moderatoren. Et fënnt een do och d'Méiglechkeet fir den « Radio R.O.M. » iwwert säin Livestream ze lauschteren, egal wou een och grad op der Welt drun ass.

❑ « Radio R.O.M. » kurz beschriwwen

Frequenz	:	101,5 MHz FM
Format	:	EHR / AC (European Hit Radio / Adult Contemporary)
Zielgrupp	:	d'Populatioun aus allen Altersschichten
Méiglech Nolauschterer	:	± 30.000 Persounen
Sendezäiten	:	24h/24h an 7d/7d
Animéiert Sendungen	:	owes tëschent 18.00 an 23.00
Personal	:	± 15 Mataarbeschter (Aktiv an passiv Fräiwëlleger)

❑ Den Empfang vun « Radio R.O.M. »

Fir den « Radio R.O.M. » ze empfänken ginn et **zwou Méiglechkeeten**:

- **terrestresch**: Empfang op 101,5 MHz
- **iwwert Internetstream**: Empfang op der ganzer Welt iwwert ons Websäit www.rom.lu

Am August 2007 ass een neien Standuert fir d'Sendeantenn an Betrib geholl ginn fir d'Empfangsqualitéit ze verbesseren an den Empfangsberäich ze vergréisseren. Dëst huet ons erméiglecht fir méi Matbierger ze erreechen an eng besser Couverte vun Dikrech, Ettelbréck an Miersch ze erzielen.

Am Juli 2016 ass den Wiessel op 101,5 MHz vollzunn gin. D'Frequenz 106,5 MHz ass zanter Joren duerch een staarken Sender aus der Eifel gestéiert.

Riets um Diagramm gesäit een dat aktuellt Empfangsgebitt op der Frequenz 101,5 MHz, lénks déi fréier Couverture op 101,5 MHz.

Déi al Sendeantenn niewt dem Studio



Dat fréiert Empfangsgebitt op 106,5 MHz



Dat aktuellt Empfangsgebitt op 101,5 MHz

❑ Mise en Service vun der neier Sendeantenn



❑ Finanzement vum « Radio R.O.M. »

Den Veräin finanzéiert sech iwwert verschidden **Aktivitéiten an Evenementer**, **Recetten aus Werbung**, engem **Veräinssubside** vun der « Aerenzdallgemeng » an privaten Spenden.

<u>Vue globale</u>

- Joresëmsaz vun ± 10.000 Euro

Fixkäschten:

- Käschten fir den Lien Studio – Sender / Antenn
- Käschten fir jäerlechen Entretien
- Käschten fir Elektresch vum Sender
- Käschten fir den Drock vum RadioMAG
- Käschten fir den Streamhosting
- Käschten fir den Zoukaf vun den Noriichten vun FSN
- Droits d'auteur

Recetten:

- Den « Kannerfuesbal »
- D'Foire vum « Lëtzebuerger Weekend »
- Den Subside vun der « Aerenzdallgemeng »
- Dei jäerlech Bäitreeg vun onsen Werbepartner

❑ Statistik vun der Websäit vum « Radio R.O.M. »



	2010	2011	2012	2013	2014	2015	2016	2017
Verschidden Visiteuren / Joer	4749	4477	4832	4092	4176	4990	7271	4697
Unzuel vun Visiteuren / Joer	7550	8435	8147	7557	7442	8896	16603	15145
Moyenne un Visiteuren / Mount	396	373	403	341	348	416	606	391

❑ Veranstaltungen an Matwierken vum « Radio R.O.M. »

▪ Kannerfuesbal

Urspréglech war dësen Evenement vum « Syndicat d'initiative et du tourisme » lancéiert gin. Am Joer 2002 huet « Radio R.O.M. » d'Organisatioun iwwerholl. Vu dat den Erfolleg vun dëser Manifestatioun weider geklommen ass, gëtt desen Evenement zanter e puer Joren an Zesummenaarbecht mat der lokaler Elterenvereenigung organiséiert. Déi 8 schéinsten Boken ginn vum engem Jury präméiert (Kinoskaarten, Bicher, Spiller, Gadgets). Ons Philosophie: Et geet keen Kand Heem, ouni een Gadget kritt ze hunn oder ouni un den Spiller mat onsen dräi Animateuren deelgeholl ze hunn.

▪ Ausstellung vun den Lëtzebuerger Produkter « Lëtzebuerger Weekend »

Dës Foire, wou all Kéiers um éischten Wekend am September stattfënnt gouf vum « Syndicat d'initiative et du tourisme » vun Miedernach an d'Liewen geruff an feiert säin 25ten Anniversaire 2014. D'Equipp vum « Radio R.O.M. » bedreiwt zanter 2005 den Grillstand op dësem Event.

Wéinst der all Joer steigender Zuel vun Visiteuren kann onsen Veräin op dëser Veranstaltung Gewënner erzielen wou een wichtegt Standbeen fir den « Radio R.O.M. » bedeiten an net ze vernoléissegen sënn.

▪ Arméismarsch

Vun 2011 bis 2016 huet d'40 Kilometerstreck all Joer duerch Miedernach gefouert. Bei der Primärschoul war eng offiziell Raschtplaz fir sech kënnen ze erblosen an mat Verpflegung anzedecken. Den lokalen Dëschtennisveräin war do mat engem Stand fir Gedrénks an z'lessen installéiert. An Zesummenaarbecht mam « Radio R.O.M. » goufen déi midd Wanderer nees animéiert, encouragéiert an mat sprëtzeger Musek fir den weideren Wee opgebaut.

Sponsoren / Publizitéit

« Radio R.O.M. » hat vun Ufank un am Sënn fir sengen Nolauschterer een **Programm ouni Werbung** ze proposéieren. Bis zur Installatioun vun der neier Antenn am Joer 2007 war den Programm werbefräi. Mee wéinst den héijen Fonctionnementskäschten vum neien Sender an den Locatiounskäschten vum Studio-Sender Lien war d'Aféieren vun Werbung noutwendeg ginn.

Fir den Programm während den lafenden Sendungen net ze ënnerbriechen ass tëschent 6.00 an 23.00 Auer jeweils een Werbeblock vun ongeféier 5 Minutten virun den Noriichten zur voller Stonn agefouert gin.

« Radio R.O.M. » proposéiert den Geschäftsleit een Werbebouquet mat engem Spot iwwert Antenn, engem Logo an Banner op onser Websäit, dem Logo am RadioMAG, op den Affichen an Fluchziedelen.

De Logo vum Radio iwwert d'Joren

Eng visuell Identitéit ass hautdesdaags zwéngend Noutwendeg fir zum Succès vun engem Veräin wéi dem « Radio R.O.M. » bäizedroen. Si ass een Deel vum Erëmerkennungswäert fir den Nolauschterer.

Hei d'Evolutioun vum Senderlogo iwwert déi läscht 20 Joer.

1992

2010

1992

2012

2012

2016

2016

❑ Hörspill « Well mir vill verdroën »

De bausseschten Couvert vun der CD

Extrait « Well mir vill verdroen » - « Um Dëppefest »



D'Iddie een Hörspill ze produzéieren staamt schonns aus dem Joer 1995 an gouf vun 2001 bis 2003 an den Studioen vum « Radio R.O.M. » an vum Claude Michels zu Monnerech realiséiert.

Et gëtt d'Geschicht erzielt vun zwee jonken Mënschen, dem Tun an dem Yves, den Haaptpersounen vun dësem Stéck, wou an engem schwieregen sozialen Ëmfeld liewen. Awer déi zwee hunn eppes gemeinsam: Hiert Heemechtsduerf am Éislek an den Alkoholismus. Hier Geschicht gëtt während 60 Minutten erzielt, an enger dramatescher awer och an enger witzeger Aart a Weis, begleet vun Touncollagen.

- D'Auteuren vun der Geschicht: Gerry Faber an Claude Michels, Moderatoren bei « Radio R.O.M. »
- Technesch Realisatioun: Serge Simon, Marc Unsen, « Radio R.O.M. »

❑ Den RadioMAG

Am Fréijoer 2010 hat den Programmchef d'Iddi fir Informatiounen iwwert den « Radio R.O.M. » an Form vun engem Magazin se publizéieren. Am Ufank war virgesinn d'Verdeelung elektronesch wéi een Newsletter ze maachen, mee während der Ëmsetzung huet den Comité dunn decidéiert fir den « RadioMAG » an Pabeierform mat enger Oplo vun 1000 Exemplaren eraus ze ginn. Den « RadioMAG » erschéngt zwee mol am Joer an d'Verdeelung an d'Haushalter gëtt vun onsen fräiwëllegen Mataarbechter an der « Aerenzdallgemeng » an den Nopeschgemengen gemaach. Zanter der 3ter Editioun ass een fixen Layout entworf ginn an wéinst dem groussen Succès gouf d'Oplo op 1250 Exemplairen erhéicht. Am Juli 2016 gouf d'Oplo nach emol op 2000Exemplairen erop gesaat.

Editioun 1 - August 2010

Editioun 2 - Januar 2011

Editioun 5 - Juli 2012

Editioun 10 - Januar 2015

Editioun 17 - Juli 2018

Editioun 13 - Juli 2016

Editioun 14 - Januar 2017

Editioun 15 - Juli 2017

Editioun 16 - Januar 2018

❑ Ons Visiounen

D'Haaptzil ass et d'Iddi vun den Radiopionéier weider ze féieren an dem Nolauschterer weiderhin een strukturéierten an dynameschen Programm ze offréieren an den Undeel un Werbung op engem Minimum ze halen.

- d'Kenntnisser un déi nei an jonk Mataarbechter weiderginn an dës mat allen Mëttelen wou een zur Verfügung huet förderen.
- d'Betreiung um Sender organiséieren, Formatiounen plangen, d'Memberen förderen an d'Sich no neien Mataarbechter ënnerstëtzen.
- déi néideg Mëttel fannen an dës zur Verfügung stellen fir ons Visioun an den Fonctionnement vum Radio ze garantéieren an ze realiséieren.
- ausschaffen vun engem equilibréierten Budget mat Reservefongen. No weideren Werbepartner an Mataarbechter sichen.
- uschafe vun neien Apparater, déi technesch Mëttel regelméisseg aktualiséieren, nei Strategien an Programmer ausschaffen, ons Raimlechkeeten onsen Bedierfnisser upassen.

- ofschléissen an förderen vun Partnerschaften an Collaboratiounen mat aner Radioen, lokalen an regionalen Veräiner an den ëffentlechen Instanzen.
- Innovativ Iddien realiséieren wéi zum Beispill et den Moderatoren ze erméiglechen hir Sendungen vun doheem aus hirem privaten Studio ze maachen.

Quellen an Referenzen

- **Websäiten**
  - www.radioluxembourg.co.uk
  - www.forum.lu
  - www.rtl.lu
  - www.wikipedia.org
  - www.radiolnw.eu (Dean Schauls)
- **Persounen am Interview**
  - Serge Simon, Grënnungsmember vum « Radio R.O.M. » an fréieren « Pirat »
- **Literatur an Dokumenter**
  - De Kéisecker
- **Aner Quellen**
  - Edy Krier
  - Radio ARA
  - Photos by Rol Schleich (www.schleich.lu)
  - RTL Group
  - Joseph Heintz
  - Syndicat d'initiative et du tourisme Medernach / Ermsdorf
  - Radioorganisatioun Miedernach a.s.b.l.
  - Combier Imprimeur Mâcon

Merci !


R.O.M.
24/7
mir ginn
bis un
d'limite
101,5 Fm
THE BEST RADIOSTATION IN TOWN
www.rom.lu